N° 8092
Entrée le 19.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 8092 vun den éierbareren Deputéierten André Bauler an Gusty Graas**

Als generell Remark ass ervirzehiewen, dass d'Klimakris schonn zu Lëtzebuerg ukomm ass an dass d'Konsequenze vum Klimawandel ze spiere sinn. An de leschte Joren hate mir zu Lëtzebuerg repetitiv extrem Wierderevenementer, sief et a Form vu Staarkreen (2016 an 2018), oder Hëtztwelle mat extremer Dréchent (2022).

Fir Kulturen, bei deenen een nëmmen schwéier laanscht d'Bewässerung kennt, wéi am Uebst- an Geméisbau, déi vun dëser Regierung jo besonnesch ënnerstëtzt ginn, soll esouwäit wéi méiglech net op Drénkwaasser an Grondwaasserreserven zréckgegraff ginn. De Stockage vu Reewaasser, Prelevementer vun Uferfiltrat an den naassen Joreszäite mat Stockage fir de Summer, esou wéi d'Opbereedung vu Klärwasser si Pisten déi an enger wëssenschaftlecher Etüd an och a Pilotprojeten sollen am Optrag vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung zesumme mam Landwirtschaftministère gepréift ginn. Hei schaffen d'Ministèren an hir Verwaltungen zesumme mam Secteur fir nohalteg Léisungen ze fannen. Natierlech kënnen déi Léisungen och am Wäibau sënnvoll sinn, besonnesch fir déi jonk Riewen gutt duerch d'Dréchenphasen ze kréien.

**1. Huet den Här Minister en Iwwerbléck iwwer all déi Betriber, déi schonn haut iwwer eege Waasserreservoire verfügen?**

Déi lescht 20 Joer gëtt duerch d'ASTA bäi der Berodung vu wäibauleche Gebaier op een Opfänke vu Reewaasser higewisen an och Waasserreservoire gebaut. En Iwwerbléck respektiv eng Datebank iwwer all déi Betriber, déi schonn haut iwwer eege Waasserreservoire verfügen, gëtt et net. Waasserreservoire brauchen eng Geneemegung nom Waassergesetz- an Naturschutzgesetz (falls se an der Gréngzon stinn). Am Gaardebau probéieren d'Betriber säit je hier esouwäit wéi méiglech d'Reewaasser op ze fänken an ze stockéieren fir et kennen bei der Bewässerung ze gebrauchen.

**2. Ënnerstëtzt de Landwirtschaftsministère finanziell de Bau vu Waaserreservoiren, déi am Interêt vun de landwiertschaftleche Betriber an dem Wäibau ugeluecht ginn? Wa jo, wat sinn do d'Bedingungen?**

Schonn an dem bestoenden Agrargesetz konnten d'Betriber Waasserreservoiren a Bewässerungstechnike subventionéiert kréien.

De Gesetzesprojet vum neien Agrargesetz gesäit vir, dat Konditioune vum "Agricultueur actif" mussen erfëllt sinn. Des Weideren dierf een net méi al wéi 65 Joer sinn, an de Betrib muss ee Standard Output vu mindestens 25.000 Euro virweisen.

D'Investitiounsprojete gi mat engem Taux vu 40% subventionéiert. E jonke Bauer/Wënzer/Gäertner kann een zousätzlechen Top-Up vu 15% kréien.

**3. Ass et iwwerhaapt technesch méiglech fir flächendeckend Reservoiren am Déngscht vun Wäibau unzeleeën, grad fir d'Bewässerung vu jonke Riewen?**

D'Uleeë vu Reservoiren ass staark ofhängeg vun der Topographie a bedéngt eng gréisser technesch Etüd. Fir d'Bewässerung vu jonke Riewen ass ugeduecht op puer Plaze Waasser aus der Musel ze huelen.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023
De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
(s.) Claude Haagen